



# "Ons Sprooch an ons Kultur si ganz séier ermélzt"

Den Här Lex ROTH as President vun der "Aktiouen Lëtzebuergesch" a Conseiljhé am Kulturministär.

forum: Wéi gesi Dir d'"Lëtzebuerger Aart"? Wat gët et doru fir Iech Spezielles?

Lex Roth: Dat as relativ schwéier, grad wi wann ee wëllt d'Eeegenaart vun engem Land hei ronderemmer beschreiwen. Do kënnt ee vun der Mentalitéit schwätzen, mä dat as zimlech vague. An der Spezifizitéit leie mat Sécherheet Elementer vun der Geschicht, Elementer vun der Kultur aus der Geigend, vun der Sprooch ganz sécher. Ech hu scho méi wi eng Kéier gesot, dass eis Eeegenaart am Fong geholl an däier typescher Mëschung vu Leit, vu Kultur a Sprooch läit. Mä fir eng Aart, eng Eeegenaart ganz genee ze cadréieren, dat as fir d'Lëtzebuerger genee su schwéier wi fir d'Fransousen oder d'Däitsch oder virun allem d'Belsch. Nët méi spéit wi gëscht huet z.B. de Chef vun der däitscher Delegatioun zum Kulturvertrag op der Pressekonferenz als leschte Saz gesot, si hätte bei hierem Tour duerch d'Land a bei deene Ge-spréicher festgestallt, dass mir eis a ganz villem vun den Däitschen géifen énnerscheeden an dass ee wierklech eng Kéier misst heihi kommen, fir ze gesin, dass mir mir wiren, dass mir anescht wiren, mä dass jhust aus däer Differenz téscht hinnen an äis sech vill Guddes kénnt entwéckelen.

Mir sollen ons émmer erém bewosst sin, dass mir fir d'Fransousen dat sin, wat fir ons Liechtenstein as; mir si fir d'Ausland éischter eng Kuriositéit, quitté dass mir op politeschem an op internationalem Plang e volle Partner sin, an si huelen ons och seriö. Dat ass gutt esou. Firwat solle mir Lëtzebuerger nët grad esou gutt kënnen dichteg Leit hun wi anerer, émgedréit solle mir nët mengen, mir missten énnert onsen 300.000 dee selwechte Potential u Leit, un Intelligenz an och u Kultur hun wi méngtewegen e Land wi Däitschland oder wi Spuenien.

forum: Sécher as d'Sprooch fir d'Lëtzebuerger Aart e wichtegt Element. Wéi gesi Dir d'Roll vun onser Sprooch am Kader vun der natio-

naler Identitéit? Wat kann énnerholl gin fir d'Sprooch ze belieuen?

L.Roth: 'T as kloer, dass eis Sprooch eng Roll spiller an onser Egenaart, an onser Identitéit, an ech géif esouguer soen eng vun deene wichtegsten. Ech behaapten dat nët blannemännerches. Ech hat mat Dausende vun Auslännner ze din an deene 7 Joer wu mer Sproochcoursen hale fir Auslännner. Déi



Romain Lenertz, im: L.L. 16.10.81

soen engem och, dass, subal si ugefaang hun, sech an d'Sprooch eranzeknēien, se sech besser hei gefillt hun. Dat heescht jo awer och, vun däer anerer Sät erbäi gekuckt, dass eis Sprooch wierk-lech en Identitéitselement as. Dat as nüt pejorativ unzukucken. Mir hun eng Sprooch hei di mer alleguerter verstin, dat as d'Lëtzebuergesch, an et kënnt kee Mënsch derlaanscht, deen et éierlech mengt, fir ze soen, dass dat e ganz wichtegt Element vun onser Identitéit as.

forum: Wi géift Dir dann Aer Vereenegung, d'"Aktioune Lëtzebuergesch", aschätzten, wann ee mierkt, dass gewësse Kreesser d'Sprooch gär géife benotzen fir anerer auszeschléissen? Kann eng Iwerbetounung vun der Sprooch nüt zu enger gewësser Frieme feindlechkeet féieren?

Lex Roth: Vu mir aus gekuckt -an do hat ech èmmer d'absolut Majoritéit vum Komitee vun der "Aktioune Lëtzebuergesch" hanneru mer grad esou gutt wi vun de Memberen- huet nach èmmer dee Saz gegollt: 'T kann ee fir eis Sprooch sin, mä dat däerf nüt heeschen, dass een duerfir géint di aner Sproochen as. Eis Sprooch as doutsécher derwäert als Element vun eiser Identitéit versuergt, an der Rei gehal ze gin. Si as derwäert, dass mir oppasse, wéi wäit aner Sprooche wi Franséisch an Däitsch zevill staark gin an deem Sënn, dass ebemol zevill Lëtzebuerg mengan, 't kënnt ee gewësse Saache némme méi op Däitsch oder Franséisch man. Ech mengan, doraus geet kloer ervier, dass de Grondgedanke vun der "Aktioune Lëtzebuergesch" nüt as, mat der Sprooch géint anerer ze goen - da géng Der mech ganz séier nüt mi dra gesin-; an deem Veräin as di grouss Majoritéit derfir', dass eis Sprooch nüt geholl gët als Spierspëtz géint aner Leit. Emgedréint muss een awer soen, dass an eisem Veräin, grad wi an aner Veräiner, grad wi a Parteien, jiddereen e Recht op seng Meenung huet, suguer op eng Meenung di vläicht iwwerspëtzt as. Dat Ganzt as eng Fro, ob een da nach bereet as ze diskutéieren oder nüt. Wa natierlech di Diskussion affektiv geluede gët, dann huet ee besser, 't schneid een se of an 't waart ee bis di eenzel Positiounen sech e bëschén ofgekillt hun an 't fänkt een erëm eng Kéier un.

forum: Dir hutt vierdru gesot, ons Lëtzebuerg Aart géif bestoen opgrond vun enger Mëschung vu Populationen asw. iwer Jorhonnerte ewech. Et as och ernimmt gin, dass jidferen d'Recht soll hun anescht ze sin. Dohir mëng Fro: Well ons Eegenaart sech och an Zukunft sowisou entwéckelt, wa mer ons dann opman zu deene Frieren di bei ons sin an hierer Kultur, kann da nüt eng Dynamik entstoen, di ons heiteg Identitéit vläicht e bësselchen ännert? As dat nüt vläicht wuel esou gesond wi wann se beaflosst gët vun der Medickultur, di trotz allem d'Tendenz huet uniformiséiert ze sin a kaum nach Eegenaarten énnertetzt? As dat nüt eng Eraus-fuerderung, di mer mussen opgräifen?

Lex Roth: Sou wi mir hei leien, as ét kloer, dass ons Eegenaart, wat een och èmmer dorëmmer versteet -ganz vill beaflosst gët vun deem wat iwert di franséisch- an däitsch-sproocheg Grenzen hei erakënnt. 'T as kloer, dass wa mir vu 6 oder 7 Joer un déi zwou Sprooche léieren, dass mir dann och ganz vill vun der Kultur vun deenen zwee Sproochgebidder erakréien. Dee Volet as ganz staark an e gët nach èmmer mëi staark, wat d'Scolaritéit èmmer mëi wäit a mëi eescht bedriwe gët. A wat mëi Lëtzebuerg op auslännesch Universitéite gin, wat se èmmer mëi auslännesch Kulturelementer mat erabrengen, déi sech mësche mat deem, wat hei as. Mä do kënnt awer bei äis derbäi, dass mir

e Prozentsaz vun Ausläänner heibannen hun, deen dëen héchsten aus Europa as. An doriwer eraus sin, wat d'Portugiesen ubelaart, an deene leschten 20 Joer esou rapid esouvill Leit komm, dass mir, dee klenge Gräppchen dee mir sin, d'Integratioun nüt mi su einfach packen. Doduerch hu mir et mëi schwéier, well eng Aart "Integrationssatura-tioun" entsteet. Dat as op däer enger wi op däer anerer Sät schued, mä ganz kloer muss all verstännege Lëtzebuerg zougin - grad wi an anere Länner - dass och eng Mëschung vu Kultur némme gesond ka sin. Enner Mëschung verstin ech awer nüt Verfälschung! Well et wir falsch, wa Géigende wu eng grouss Ballung vun Ausläänner as, wann z.B. d'Gemeng Fiels eng total portugiesesch Gemeng géif gin, och kulturell gekuckt. Do misst een awer mëi differenzier kënnen driwer diskutéieren. Mir sin ebe némme e klenge Kéipchen. Dat wat mer u Kultur an u Sprooch hun, as ganz séier ermëlt, well et nüt ganz staark as, nüt op enger immens breeder Basis steet. Dat as ganz schnell ermëlt duerch riseg Kulturgebidder wi di däitsch oder di franséisch. Eis Situatioun as nüt d'selwecht wi wa mer suguer dee selwechte Prozentsaz Ausläänner an Däitschland oder a Frankräich hätten. An suguer do fänken s'un ze këmmern ènnert deem riseg groussen Afloss vun Ausläänner di do erakomm sin. A bei äis as de Prozentsaz 3-4-5 mol su grouss wi bei hinnen.

forum: Kënnt een sech da nüt virstellen, dass an Zukunft mëi Elementer vu Kultur vun deene frieme Matbierger mat zum Droe këimen an onse Kulturprogrammer, an doduerch fir si wéi fir d'Lëtzebuerg den Zougank zum anere sénger Kultur géif erlichtert gin? Et as jo eréisch da wann ee gesäit, dass deen aneren nüt némme een as dee seng Muskelkrafft kann as setzen, mä dass en och gewëss kulturell Wäerter mat sech dréit, wou och een Zougank vun engem zum aneren op enger mëi fairer Basis méiglech as.

Lex Roth: Hei vum Ministère aus hu mir d'ASTI bei hiere Beméiungen èm d'Integratioun èmmer esou wäit gestäipt wi mer konnten, an och de Minister as domat komplett d'accord. Wat elo d'Animation culturelle ueget, do vertriede mir d'Thes, dass et nüt um Ministère as, fir de Leit dobaussen ze soe, wat se sollen organiséieren. Déi Gemengen, déi mir elo dofir eraussichen, kënne mir eventuell op esou Aktivitéiten mat den Ausläänner opmiersam man, hinnen der ubidde, wann se nüt selwer drop kommen, mä dat as nüt schlechte Wëllen. Fir äis as dat genee d'selwecht, ob een eng italiennesch oder portugiesesch oder eng lëtzebuergesch Grupp engagéiert fir d'Animation culturelle. Mir sin am Géigendeel frou, wann dat de Fall as. Well e Ministère huet jo och en Interessi drun, dass bei esou enger grousser Konzentratzioun vun Ausläänner d'Lëtzebuerg an d'Ausläänner zesummebruecht gin, well do jo och Problemer a Spannungen an Onverstand an Agressiounen ofgebaut gin, déi fir jiddereen hei am Land jiddefalls keen Avantage sin.

forum: Wéiwäit gesi Dir, dass d'Sprooch den Ausdrock vun enger Mentalitéit as oder èm gedréit d'Mentalitéit eng Sprooch definéiert Wéiwäit géng da, wann d'Sprooch géif verschwan-nen, d'Mentalitéit och ännerten? Kann z.B. de ganz staarken Afloss vun der däitscher Televisioun zu Lëtzebuerg eng Mentalitéitsänderung bewierken?

Lex Roth: Eischtens gleewen ech guer nüt drun, dass d'Sprooch verschwënt. Mä 't kënnt emol sin, dass se esouwält zesummege-

quetscht gët, dass een iwerhaapt näischt méi erémerkennt, dass mer da besser hätte riicht-ewech däitsch oder franséisch ze schwätzen. Wann elo d'lëtzebuergesch Sprooch et nüt derwäert wär, wa Leit wi Marcel Reuland, Robert Bruch, Tit Schroeder, Guy Rewenig, Guy Wagner, Norbert Weber, Paul Greisch, Roger Manderscheid a wéi s'och èmmer all heeschen, nüt an deene leschte Joere nach gewisen hätten, dass an däer Sprooch esou vill läit, dass wierklech se derwäert as, verschafft ze gin. Ech gin Iech d'Beispill vum Guy Wagner: De Guy Wagner, dee vierun 2-3 Joer sech ebeemol un d'Lëtzebuergesch gin huet, huet mir riichteraus gesot: Ech hun ét als eng Erausfuerderung èmfonnt, fir mech selwer emol dodranzknéien, an dun hun ech eréischt gesin, wéivill draläit. Wann däer Leit, di mat Sécherheet nüt di dommst sin an déi ee sécher nüt als Fanatiker ka verkafen, eis weisen a soen, das di Sprooch ét derwäert as , da soll een s'och nüt ermëlze loossen.

Fir elo vun der Sprooch op d'Mentalitéit ze schléissen, do as d'Fro mer nüt kloer. As de Fransous an der Mentalitéit doduerch een aneren wi den Italiéner, dass en eng aner Sprooch schwätzt, oder kann ee nüt éischter soen, dass d'klimatesch Verhältnisser och d'Sprooch bëaflossen? Wat ee méi an de Norde kënnt z.B., wat d'Sprooche méi knacken. Ech hu jiddefalls èmmer déi Impressioun. An am Süde verlafen d'Sproochen èmmer méi aneneen, gin s'èmmer méi crèmeg, am Klank méi ofgerënnt. Eis Südlänner si jo sécher méi nervös, mir si fir si méi flegmatesch. A wa mir d'Schwede kucken, gesi mir si als méi flegmatesch. Dat as mäin Emfannen, mä fir dat als Theorie dohinzestellen..... Ech fanne nüt, dass d'Sprooch onbedéngt d'Mentalitéit muss erëmgin, an d'Mentalitéit d'Sprooch. Ech mengen, et sin och eng ganz Partie aner Aflëss do derbäi.  
forum: Mir soen Iech merci, Här Roth.